

ENTREVUE AVEC LA MINISTRE DE LA SANTÉ, MME MUTSCH

Quand: Mercredi le 31.01.17 de 10:30 – 11:30hrs

Sujet: L'avenir de la profession infirmière au Luxembourg et le rôle du ministère de la santé

Participants: Anne-Marie Hanff, Marie-France Liefgen, Michèle Halsdorf, Nicole Weis-Liefgen

Responsabilitéit vum MiSa

Fuerderung vun der ANIL: D'Responsabilitéit fir den Infirmiersberuff soll ënnert d'Tutelle vun ENGEM Ministère gestallt ginn an net ënnert 3 Ministèreen (Familljen-, Gesondheets- a Sécurité-Sociale).

Conclusioun: D'Ministesche bitt en Treffe mam Ministère de la Sécurité Sociale an dem Familjeministère zesummen un, fir déi Problemer déi déi dräi Ministèreë gläichzäiteg betreffen ze diskutieren.

Chiffres vun de professionnels de santé

Fuerderung vun der ANIL: Zur Bewäertung vun der aktueller Lag vum Fleegepersonal zu Lëtzebuerg (wou schafft wien, wéi vill Personal schafft wou,...) feelen aktuell Donnéeën. D'ANIL fuerdert e genaue Register vun den Infirmièren. Et feelt eng Kontroll an Sanktiounen.

Conclusioun: An Zukunft changéiert de Status vum droit d'exercer changéiert falls eng Infirmière zwee Joer net schafft, resp. net an den Donnéeën vun den Institutiounen optaucht. Dëst erlaabt an Zukunft de bestoenden Register ze aktualiséieren.

Mise à niveau a formation continue

Fuerderung vun der ANIL: D'Fleegepersonal (aus der EU), verfüügt net iwwert déi gläich Kompetenze ewéi d'Fleegepersonal zu Lëtzebuerg. Duerch eng Formatioun sollen dës op een Niveau gesat ginn. Den droit d'exercer soll dobäi un eng obligatoresch formation continue „Mise à niveau“ gebonnen sinn.

Conclusioun: Duerch d'EU-Gesetz (Gläichstellung vun de Formatiounen) kann den droit d'exercer net un d'Formatioun continue obligatoire gebonne ginn. Zu dem Punkt ass keng definitiv Entscheidung gefall.

Ofrechnungssystem a Personalsituatioun

Fuerderung vun der ANIL: Déi aktuell Berechnungssystemer PRN an déi nei Assurance dépendance hunn en negativen Impakt op d'Aarbechtskonditiounen an de Spideeler, der Langzäitfleeg an am Soins à domicile.

Conclusioun: Op d'Nofro, ob d'Pläng fir de PRN enges Daags duerch en anere Berechnungssystem ze ersetzen nach aktuell sinn, äussert sech d'Ministesesch net konkret. Si verweist zur Assurance dépendance do op de Minister Schneider.

Cadre legal vum rôle propre vum Infirmier

Fuerderung vun der ANIL:

- Den richtegen Kontext (ënner anerem Onofhängegkeet vun enger Prescription medicale) fir den rôle propre duerchfeieren ze kennen.
- Transparent Karriärsméiglechkeeten: Am Karriärssystem mussen d'Infirmièren mat der Expertise vum Terrain missten genau sou valoriséiert ginn wéi d'Cadren déi Management-Aarbechten erleedegen. Momentan besteet en Ziel vum Fleegepersonal doranner, net méi an der Praxis „mussen“ tätég ze sinn. D'Devisé misst dogéint sinn „Die Besten ans Bett“.
- Schaffen vun beruffbegleedenden Studienméiglechkeeten, soudass der Infirmière net méi déi néideg Argumentatiounsgrondlagen an der interdisziplinärer Zesummenaarbecht feelen.

Conclusioun: Dat neit Spidolsgesetz reegelt déi interdisziplinär Aarbechtskonditiounen. Di zwéi Gesetzestexter (Attributiounen an d'Gesetz vun 1992 iwwert d'Revalorisatioun vu verschiddenen Gesondhéitsberuffer) sollen an engem Aarbechtsgrupp den am Februar seng Arbécht ophëlt, zesumme vun der ANIL an Verrieder vum MiSa duerchgeholl ginn, d'Arbéchte sollen nach 2018 ofgeschloss ginn. Fernziel ass, dass fir all Gesondheetsberuff am Gesetzestext vun 1992 ee Kapitel virgesinn ass, mat allgemeng gültige Reegele fir all Gesondhéitsberuffer.

Verriedung vum Infirmieres-Beruf beim MiSa

Fuerderung vun der ANIL: Den Infirmières-Beruff muss beim Ministère de Santé duerch Infirmièren vertrauede ginn, déenen hiren Avis och gehéiert gëtt. Decisiounen déi eise Beruff betreffen, sollen net méi duerch aner medezinesch Beruffer geholl ginn. D'ANIL ass duerch Zoufall gewuer ginn, dass de „Chief Nursing Officer“ (½ ETP) beim MiSa fir d'Infirmièren responsabel ass.

Conclusioun: D'Ziel vum Aarbechtsgrupp ass och, d'Aufgabe vum Chief Nursing Officer um MiSa ze definéieren an evtl. wieder auszebauen.